

Merci, Prof. Jean-Paul HURT!

vum Lex Roth

Déi lescht Woch hu mir an der Zeitung **e Lieserbréif mat der Iwwerschréft 'Wat um Spill steet'** gelies. Den Auteur? Net een, deen sech emol zoufälleg, wéi e gezappte Mupp, fir eng Kéier ongehale iwwer den Zoustand vun eiser Sprooch rëselt: en zollitt studéierten an erfuerene Sprooch-Professor a Germanist, de Jean-Paul (Jemmy) Hurt.

Hien ass Co-Auteur – zesumme mat zwéi genee esou dichtegen a respektéierte Fachmänner wéi d'Professere Léon Doemer a Jos Groben – vun enger 'Trilogie' vu Schoulbicher fir déi 7., 8. an 9. Klasse vun eisem postprimären Unterrecht: **SPRACHBUCH und Arbeitsheft für den Deutschunterricht in Luxemburg, Editioun Education nationale, 2005.**



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Dat Wierk ass ganz sécher mat dat Bescht, wat sech pädagogesch konsequent, mä och schéi léfeg, mat eiser Sprooch-Situatioun vis-à-vis vum Däitschen ofgëtt. Et geet also ëm d'Däitsch am Zesammenhank mam Lëtzebuergesch. Et handelt sech ëm de Problem, dee mir dacks hunn, e proppert Däitsch ze schreiwen, well eis Sprooch mam Goethe senger zesoen an deerselwechter Kautsch gewuess ass... mä ënner anere 'sprooch-geschichts-klimatesche' Conditiounen. Et dréint sech drëm, mat maandelweis praktesche Beispiller nozeweisen, wat bei engem Lëtzebuergeschee kee proppert Däitsch ass... **mä domat, och ëmgekéiert, wat keen éierbart Lëtzebuergesch ka sinn, wann een oniwweleucht en däitschen Text wëllt wéi op enger Trams-Schinn mengt kënnen eeriicht an d'Lëtzebuergesch ze setzen!** All Exercicen aus deene Léierbicher kann en interesséierte Schoulmënsch konsequent souzesoen am 'Umkehrschluss' wonnerbar ëmdréinen, fir en zerguttst Lëtzebuergesch ze léieren!

Fir déi 3 Bicher duerchzehuele muss een ower net op enger 'Septième, Huitième, Neuvième' um Bic knaen; **an alle Redaktiounen vun der geschriwwener a geschwatener Press wier et eng formidabel Saach**, wann d'Leit sech en didaktescht Wierk wéi dat do, mat maandelweis 'Übungen' a Beispiller, emol roueg an interesséiert gengen 'eranzéien'. Déi 3 Bicher hunn am Total ronn 500 Säiten am DIN A4; si kaschten zesummen 32 €... dat ass e 'Méckepipi' fir esou e Bommewierk, den Auteure gehéiert e 'Gielche' vun deer beschter Zort!

De Professor Hurt schreift goldrichteg, dat **eis Sprooch fir e seriöse Studium emol 'engegermoosse' standardiséiert** misst ginn; datt emol soll (ouni onverstannege Purismus) festgeluegt ginn, wat eigentlech Lëtzebuergesch ass... dat natierlech och ouni zevill ladderege Muttwëll à la 'Ameis, schnell, ausserhalb, inwändeg, bouchée, asw...'. Mir mengen, dat wier eng (natierlech kriddeleg) Aarbecht fir e Grupp vum 'Conseil pour la langue luxembourgeoise / CPLL'.

Wéi eis Actioun-Lëtzebuergesch 1971 mat hirer Sproocharbecht ugefaang huet, war dat, wat et haut fir eis Sprooch an de Schoule gëtt en absoluten Dram. Mir guffe mat eisen Iddien a Fuerderunge gekuckt wéi 'Moundkällefcher'. An de Schoule guff et glat näischt, fir mat eiser Sprooch ëmzegoen. **Haut ka wierklech kee Schoulmeeschter oder Professor méi soen, hien hätt kee 'Material fir Lëtzebuergesch ze ginn'...** an eis Kanner dierften als Erwuessener mar och net méi soe kënnen, am Lëtzebuergeschee wier an der Schoul näischt geschitt... well da läit dat nëmme un deenen, déi näischt wollte maachen!

Ceterum censeo... (19)

Eis Sprooch an d'Constitutioun!

Elo hunn 'der' dann erausfonnt, et misst ee **'mat äusserster Virsiicht' un d'Problematik vun der Sprooch vum Land an eisem Grondgesetz virgoen.** Mir nenne keng Nimm, nach net, well dat der Saach näischt bréngt. Mä dat fuddelegt Argument huet e laange Baart... et ass e sougenannt 'Pauschal-Uertel', ouni Fong a Fuedem, ouni éierlech Iwwerleeung! Wou ass dann egal watfir eng Gefor, wann eis Constitutioun kloer an ouni Gekréngels just seet, feststellt, statuéiert, **net ordonnéiert!**, d'Sprooch vum Grand-Duché wier d'Lëtzebuergesch; donieft giff d'Gesetz (dat existéiert!) bestëmmen, watfir Missiounen 'eis' aner zwou Sproochen op offiziellem (administrativem) Plang hätten. Esouguer vu 'juristesche Konsequenze' geet rieds. Dajee, sot äis emol watfir eng dat solle sinn! Dat ganz Gemëffers ass gekrauselte Käbbi, wéi eis Rëmlenger Frënn genge soen... an do laachen d'Dickelcher vu Fréiseng bis op Ëlwen. Si froen och vläicht iwwer dem 'Gekäcks', **watfir 'Konsequenzen'** dat da solle sinn. Eng Äntwert, w.e.g. ...

guer net fir hannert de Spigel!

Wier et dann net emol eng flott Iddi, fir **sech am Fréijoer mat eise Kanner iwwer e Sprooch-Deel ze ënnerhalen, wou ee ganz einfach a séier ganz vill Guddes kënt maachen:** datt eis bekannt Blummen och op Lëtzebuergesch luusse kommen; datt d'Beem 'Knäpp' kréien a keng 'Knospen'; datt e sëlliche 'Lëtzebuergesche' Villercher am Getraisch sängen, päifen a flecten; datt Seejomëssen doruechter bëselen, d'Meedéiere geschwënn aus dem Buedem krauchen; datt et hei ower och guer keng 'Schmetterlinge' mä honnerte vun Zorte 'Päiperlëcken/Pimpampelen/Millermoaler' gëtt; datt Kéil an enger Kautsch wuessen, grad ewéi Blieder-/Heeder- oder gekrauselt Zalot am Gaart, nieft de Bratzelen asw.

Eng Propos: Firwat sech net eng Lëscht vun deene ronn 30 Lëtzebuergesche Ausdréck maachen, déi een esou ophänkt wéi viles an der **Kichen?** Wier dat net interessant an engem **Schoulsall?** Kënnten eis **Vullen- a Gaardefrënn** net op déi eng oder aner Manéier dofir Reklamm maachen... souzesoe fir **eis sproochlech Ëmwelt?** ■ L.R.

de Champion

ass den Titel vun engem flotten a bekannten Tableau vun engem vun eise bekanntste Moler, dem Joseph Kutter; hien huet sech do 1932 ganz bestëmmt um gudden Nic. Frantz inspiréiert. Wat huet dat mat eiser Sprooch op sech? Mä **et ass dem Kutter net agefall, vun engem 'Meeschter' ze schwätzen;** och eng 'Meeschterschaft' hat hei keen an sengem Sproochgebrauch; dat war, ass a bleift dach fir äis e 'Championnat'. Lëtzebuergesch? Jo, well et international an net eeschléieg däitsch ass.

Instinktiv hunn d'Leit déi Ausdréck mat eran an d'Lëtzebuergesch geholl, déi en internationaalt Gesiicht haten. Et ass kengem agefall, bal automatesch dat däitsch Wuert direkt ze huelen oder et gediebelt a gequëtscht an eis Sprooch ze brätschen. **Ass dat dann elo géint d'Däitsch? Ganz kloer neen!** Et weist just drop, datt mir Lëtzebuergesche äis ganz spezifesch déi Wieder kënnen leeschten, déi den Tour rondrëm d'Welt maachen... an dat sinn net déi däitsch, mä d'meescht déi, déi eng griechesch-laténgesch Wuerzel hunn... iwregens esou wéi 'Televisioun'... déi mir hei bewosst net wollten extra ernimmen ('erwähnen'?). ■ M.V.

Da load emol schéin... down!

Mir *hoan zwou Oortschaften am Laand*, wou 'geload' gëtt: Wolz an Eechternoach... d'Aussprooch ass also dselwecht wéi am Engleschen, an deen 'oa'-Laut ass mat den **éi-ou-äi-ue-Duebellauter (Diptongen) e Markenzeichen**, dat äis vum Däitschen an deelweis och vum Franséischen ënnerscheet. Ganz sécher en däitlech Zeeche fir eis spezifesch Sproochsituatioun.

Wann e Wëlzer/Eechternoacher also elo seet, hien hätt eppes aus dem Internet 'eroafgeloaden', dann ass hien net laanscht (säin) Dill a bal genee um Engleschen... ower hie brauch et **net 'downzeloaden', well 'erof' dach déck duergeet**, oder net? Mir brauchen 'downloaden' dach net; '(e)roflueden' seet genee datselwecht... mä 'déi Säit vun der Musel', am Frankräich, der Belsch a soss enzwoosch hunn si dee Problem och: et schéngt einfach méi glënnereg ze sinn, grad ewéi **'printen' aplaz 'drécken'**... a wéi viles, dat fénkelt a blénkt, ass et onnéideg, bretzeg a bëlleg.

Eng Anekdote, déi net erfionnt ass: Op RTBF 1 war eng Diskussioun iwwer d'Gefore vum Eroflueden aus dem 'Gissen-Internet'; ënnen ass eng Text-Zeil (Ticker?) fir d'Froer vun de Leit gelaf; eng war déi hei: *les gosses 'downloadent' n'importe quoi. Bingo!... pour les adultes qui écrivent les dernières des bêtises.*

bäiwunnen?

An engem Artikel iwwer eng sympathesch Feier huet e Journalist geschriwwen, d'Ministesche Jacobs an e puer Deputéiert hätten och *'bäigewunnt'*. Wat soll dat? Gëtt dann elo erëm stereotypes geäntwert, mir hätte kee Wuert fir dat 'Bäigewunns'. Mä brauche mir dann iwwerhaupt eent, fir einfach ze soen, si wieren 'och do(bäi) gewiescht'... oder ass dat net feierlech genuch?

Dat Beispill leeft genee an deer Schinn, wou ee schreift, *'uschléissend fënnt d'Bäisetzung statt'*, aplaz datt duerno d'Befgrëfnës ass... dat 'uschléissend Bäigewunns' ass dach, mat allem Respekt gesot, iwwerflësseg a vrun allem gebeehte Kabes! Ass deene Schreiwerten iwregens bewosst, datt 'beiwohnen' am Däitschen och nach eng ganz intim Bedeitung huet, déi gottweess näischt mat deene genannte Geleeeënheeten ze dinn huet! Fir Lëtzebuergesch ze schreiwen, do gëtt et, och fir Journalisten, e gutt Rezept: **Schreif esou, wéi wanns du engem et giffs um Telephon soen...** da bleifs de ganz bestëmmt um Dill! ■ H.M.

kréckelen...

garantéiert ass et net vu Muttwëll, wa mir regelméisseg **op Ausdréck weisen, déi een nawell gär, liichtfank an ouni vill weider nozedenken, als geléint, geklaut, ugepasst oder gottweesswat kuckt;** kuckt! net bedenkt! Ower dat Nodenken ass eng schwéier Bouss, gellidir.

Wann eppes 'kréckelt', dann ass dat am Lëtzebuergeschen e Geräisch, wat sech am Franséischen ongeféier mat 'grincer' iwwersetze léiss, zesoen eist 'grätschen/jiipsen'. Dat franséisch 'craqueler' huet knapps eppes mat eisem 'Gekréckels' ze dinn; do huet et de Sënn vu 'räissen/gerass', z.B. kann eng Fëenster oder soss eppes Sprockes 'craqueler' sinn... an et kann ee bewosst dees 'gekrächte' Glas fir an eng Rumm bestellen. Wann eng Dier 'kréckelt', da mussen d'Jarnéiere geschmiert ginn; 'kréckele' Schong, dann ass d'Lieder ze dréchen; Beispiller fanne mir kéipweis... wa mir dat emol bësse bedenken.

Ganz sécher ass ower deen hei(te) Saz 100 % nëmme op Lëtzebuergesch ze verstoen: *de Mich hat dem Jang eng Fatzeg gekréckelt.* Iwwersetzt deen emol an eng aner Sprooch! ■ P.W.